n° 2424

Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dringend parlamentaresch** Fro un d´Madamm Gesondheetsministesch an un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Den Här Educatiounsminister huet de Freiden den 19.06 annoncéiert dat ab dem 29. Juni d´Kanner an d´Jugendlecher erëm all an d'Schoul solle goen.

An deem Kontext stelle sech eng Rei méi fundamental Froen, e.a. zu der Anhalung vun sanitäre Reegelen:

- Am Gesetzesprojet n°7606 heescht et, dass Rassemblementer vu méi wéi 20 Leit „dans les lieux accessibles au public" verbuede sinn. E Rassemblement ass laut deem Projet „eng organiséiert Reunioun vu physesche Persounen déi sech simultan op enger Plaz befannen".

  Ass den Här Minister der Meenung, dass e Schoulgebai, Klassesall respektiv d'Enceinte vun der Schoul ënnert d'Definitioun vu „lieux accessibles au public" fält?

- Net all d'Rassemblementer sinn awer vun dësem Verbuet betraff. Sou sinn laut Gesetzesprojet z.B. Evenementer vu méi wéi 20 Leit ënnert Konditioune méiglech.

  - Ass de Schoulbetrib laut dem Här Minister en Evenement?

  - Wa jo, muss d'Schoul sech dann un déi gesetzlech Konditiounen halen, i.e. assignéiert Plaze virgesinn, plus Maskeflicht fir Kanner vun iwwer 6 Joer oder d'Anhalen vun de virgeschriwwenen Ofstandsregelen?

- Laut dem Gesetzesprojet 7606 besteet och eng allgemeng Maskenpflicht fir Aktivitéiten, „qui accueillent un public".

  Ass d' Schoulaktivitéit eng Aktivitéit „qui accueille un public"?

Hei ass et méiglech dovunner ofzewäichen, wann eng Aktivitéit vun Natur aus inkompatibel mam Droen vun enger Mask ass. An deem Fall muss den Organisateur aner sanitär

**<u>Le caractère urgent de la question a été reconnu (22.06.2020)</u>**

Moossnamen ergräifen fir d’Verbreedung vum Virus ze verhënneren.

- Ass den Här Minister der Meenung, dass de Schoulbetrib als Aktivitéit ze betruechten ass, déi vun Natur aus, net compatibel mam Droen vun enger Mask ass ?

- Wa jo, wéi eng aner sanitär Moossnamen recommandéiert d’Santé deenen eenzele Schoulen fir d’Propagatioun vum Viraus ze verhënneren?

Et ass jo dovunner auszegoen, dass d’Anhalen vun Ofstandsreegelen sech ab dem 29. Juni als ganz schwéier erweisen kéint, wann sech nees méi Schüler an engem Klassesall rëmfannen.

- Muss de PL 7606 nach adaptéiert gi fir ze verhënneren dat d´Kanner, d´Jugendlech an d' Enseignant´en de ganzen Dag eng Mask mussen undoen?
- Wa jo wéini kennt di Adaptatioun?
- Wann nee kann den Här Minister eis di gesetzlech Basis ginn di ënnersträicht dat et keng Maskeflicht gëtt wann méi wéi 20 Leit zesummen an engem Klassesall sinn?

Mat déiwem Respekt,

Martine Hansen
Deputéiert

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 2424 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Déi honorabel Deputéiert freet, ob Schoulgebaier ënnert d'Kategorie vun de "lieux accessibles au public" falen.

Fir d'Grondschoul erlaben ech mir dobäi, op den Artikel 2 vum Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 ze verweisen. Deemno ass d'Schoul eng "entité administrative et pédagogique identifiable, regroupant en communauté scolaire les élèves et les équipes pédagogiques d'un ou de plusieurs bâtiments scolaires".

De Schoulbetrieb adresséiert sech domadder un eng kloer definéiert an limitéiert Populatioun, déi a kleng Entitéiten agedeelt ass. Dëst ënnerscheed d'Schoul op eng fundamental Aart a Weis vun Evenementer, déi fir e breede Public op sinn, a bei deenen d'Populatioun a permanent neien Konstellatiounen zesumme kënnt.

Och d'Lyceesgesetz vum 25. Juni 2004 kläert an den Artikelen 1 an 2, dass d'Aktivitéite vun der Schoul sech net un en allgemengen Public adresséieren, mee d'Ënnerriichte vun de Schüler an engem kloër délimitéierte Klasseverband als Objet huet.

Niewt den Aktivitéiten ass och den Accès zu de Gebaier esou wuel an der Grondschoul wéi am Secondaire kloer geregelt. Et gëtt kee Publikumsverkéier an de Schoulen.

De Groussherzogleche Reglement vum 7. Mee 2009 seet dozou fir d'Grondschoul: "L'accès à l'enceinte de l'école pour toute personne ne faisant pas partie de la communauté scolaire ou n'exerçant pas, au sein de l'école, une mission prévue par la loi est soumis à l'autorisation préalable du bourgmestre."

Dëse Prinzip gelt och fir d'Lycéeën. Am Artikel 40bis vum Gesetz vum 25. Juni 2004 heescht et: "L'accès à l'enceinte du lycée est réservé aux élèves du lycée, aux membres du personnel du lycée, aux personnes exerçant au sein du lycée une mission prévue par la loi et aux personnes y autorisées par le directeur du lycée. "

Aus den ugefouerte Grënn falen d'Grondschoulen an d'Lyceeën net ënnert d'Dispositiounen fir Rassemblementer an "lieux accessibles au public", wéi se am Gesetzsprojet n° 7606 virgesi sinn.

Déi sanitär Bestëmmungen, déi fir d'schoulesch Aktivitéiten gëllen, ginn vun der Direction de la Santé verëffentlecht, a permanent der Situatioun ugepasst.

Den Edukatiounsministère huet sech an Zesummenaarbecht mam Gesondheetsministère eng kohärent Strategie ginn am Bekämpfen vum Covid-19. Dës Strategie besteet aus 6 Elementer:

1. Schutz vun de vulnérabelen Populatiounen,
2. Adaptatioun vun de Schoulgebaier,
3. Aféieren vun zousätzlechen Hygiensreegelen,
4. Notze vun Schutzmaterial fir zousätzlech Barrièren ze schafen (Masken, Plexiglas-Panneauxen etc...),
5. Organiséieren vu feste Gruppen, déi sech net vermëschen (sozial Clusteren),
6. Halbéieren vun de Klassegréissten.

Mat der Décisioun vun der Regierung fir den Enseignement en alternance ofzeschaafen, gëtt just de 6. Punkt vun dëser Strategie opgehuewen. All aner Elementer vun der Strategie bleiwe bestoen.

Wat d'Droë vun engem Mundschutz ubelaangt, bleiwt d'Regierung bei den existéierenden Reegelen. D'Droë vun engem Mundschutz ass bei Kanner iwwer 6 Joër vum MENJE recommandéiert fir den Trajet bis an d'Schoulklass eran. An der Klass ass d'Droë vum Mundschutz fakultativ.

Doriwwer eraus erlaben ech mir, der honorabeler Deputéierten ze rappeléieren, dass d'Schoulaktivitéiten an Zäiten vum Covid-19-Virus zu deenen am mannste problemateschen an eiser Gesellschaft gehéieren. Kanner gi manner oft ugestach vum Virus, si hu manner staark Symptomer a stiechen an der Reegel och manner Leit un. Mat dem aktuelle Wëssensstand kënne mir soen, dass d'Bildungsariichtungen net zu de Clusteren gehéieren, iwwert déi de Virus sech an der Gesellschaft verbreed. Mat dëser Erkenntnis, a virum aktuellen Hannergrond vun den nidderegen Zuelen vun Neiinfektiounen, ass den aktuellen sanitären Dispositiv der Situatioun an eise Schoulen absolut ugepasst.